
CORONAVIRUS COVID-19
INFORMATIOUNE FIR D'ELTEREN

# D'REPRISE VUM UNTERRECHT AN DER BERUFFSAUSBILDUNG

CCP-, DAP- an DT-Klassen (ausser d'Ofschlossklassen)



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

# CORONAVIRUS COVID-19
# INFORMATIOUNE FIR D'ELTEREN

## DEN 11. MEE 2020 FÄNKT DEN UNTERRECHT AN DER BERUFFSAUSBILDUNG NEES UN.

**D'Zil ass et, jiddwer Schüler ze erméiglechen,**

- Fortschrëtter beim Léieren ze maachen,
- d'Schouljoer erfollegräich ofzeschléissen,
- sech beschtméiglech op dat nächst Schouljoer virzebereeden.

**Dobäi soll d'Gesondheet vu jiddwerengem optimal geschützt ginn.**

## FIR D'REPRISE VUM UNTERRECHT GËLLEN 10 REEGELEN:

**Rotatiounsprinzip:**
Äert Kand geet all zweet Woch an d'Schoul.

**50 % manner Schüler:**
All Klass gëtt an zwou Gruppen opgedeelt (A a B). Wann d'Grupp A an d'Schoul geet, bleift d'Grupp B entweeder doheem oder ass am Ausbildungsbetrib.

**Unterrecht an der Schoul:**
Am Schoulunterrecht ginn nei Inhalter behandelt.

**Widderhuelung doheem:**
An där Woch, an där Äert Kand doheembleift, widderhëlt et dat, wat an der Schoul geléiert gouf.

**Dat Weesentlecht:**
Am Unterrecht gëtt sech op déi Inhalter konzentréiert, déi fir dat nächst Schouljoer wichteg sinn.

**Prüfungen nom Festege vum Wëssen:**
Zeréck am Schoulunterrecht widderhëlt Äert Kand mam zoustännegen Enseignant dat, wat an der „Schoul doheem" geléiert gouf. Dono kënnen da Prüfunge sinn.

**Betribsmodüllen:**
D'Léierjongen a -meedercher kréien eng Dispens fir d'Betribsmodüllen (*Modules patronaux*) vum 2. Semester. Déi Modülle ginn also ugerechent.

**Praktikumsmodüllen:**
D'Schüler vun enger vun enger Netofschlossklass kréien eng Dispens fir d'Praktikumsmodüllen (*Modules de stage*). Déi Modülle ginn also ugerechent.

**Jee no Secteur zeréck an den Ausbildungsbetrib:**
Wann Äert Kand eng Léier mécht, kann et ënner de follgende Bedéngungen zeréck an den Ausbildungsbetrib goen: Dee Secteur vun der Economie duerft nees ufänke mat schaffen, d'Sécherheet vun Ärem Kand ass garantéiert an d'Betreiung gëtt virugeféiert ewéi se virum Confinement war.
Äert Kand geet op deenen Deeg an den Ausbildungsbetrib, op deenen et keen Unterrecht an der Schoul huet. Mécht et eng Léier zu Lëtzebuerg, geet awer op eng Schoul am Ausland, da geet et zeréck an d'Schoul, soubal déi nees opgemaach huet. Op seng Léierplaz kann et fréistens den 11. Mee zeréckgoen.


**D'Schoulvakanze bleiwen:**
D'Datumer vun der Päischtvakanz (30. Mee – 7. Juni) a vun der Summervakanz (16. Juli – 14. September) bleiwen onverännert.

Weider Informatioune fannt Dir op der Internetsäit vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend:
**http://edulink.lu/xm6m**

# CORONAVIRUS COVID-19
# INFORMATIOUNE FIR D'ELTEREN


**Fir Schüler an Enseignantë beschtméiglech ze schützen,**

## MUSSEN 9 SCHUTZMOOSSNAMEN AGEHALE GINN.




D'Schüler bleiwen ëmmer
an der selwechter **Grupp**, A oder B.

An de Klassesäll respektéiert jiddwereen
**en Ofstand vun op d'mannst
zwee Meter vuneneen**.







Am Schülertransport an um Site vun der Schoul
ass et Flicht, e **Schutz iwwer Mond an Nues**
(wéi zum Beispill eng Mask, e Bandana
oder e Foulard) unzehunn.

An de Klassesäll ass esou e Schutz **fakultativ**.





D'Pause sinn **zäitlech versat**.

Et gëtt een encouragéiert,
**reegelméisseg d'Hänn ze wäschen**.






**Desinfektiounsmëttele** stinn an all Klassesall
an an den Entréeë vun de Schoulen zur Verfügung.

**De Sportunterrecht an de
Schwammunterrecht**
fale bis d'Enn vum Schouljoer **aus**.





**Risiko-Schüler** kënne mat engem **Attest
vum Dokter** (*Certificat médical*) weider un
der „Schoul doheem" deelhuelen.

Wann Dir Froen hutt, kënnt Dir Iech och un d'Schoul vun Ärem Kand riichten.